# COMPTE RENDU VUN DER JUGENDKOMMISSIOUN
# VUM 7. JULI 2026

**Presenzen :**

| | |
|---|---|
| Mme | SCHLOESSER Caroline, Presidentin |
| Mme | SCHMIT-STREFF Edmée, Sekretärin ff |
| Mme | BREUER-BRANDENBURGER Simone |
| Mme | IRTHUM Eliane |
| Mme | SCHALTZ Aline |
| M. | DIEDERICH Charel |
| M. | GARCIA Dani |
| M. | LÜTTEKE Richard |
| M. | SCHANCK Laurent |
| M. | OESTREICHER Kevin, Vertrieder vum Jugendhaus |

**Ëntschëllegt :**

| | |
|---|---|
| Mme | SAUBER Lynn, ersat duerch SCHMIT-STREFF Edmée |
| Mme | IRTHUM Kathleen, ersat duerch SCHANCK Laurent |
| M. | SPIRIDIGLIOZZI Leo, ersat duerch BREUER Simone |
| M. | WEINS Ben, ersat duerch IRTHUM Eliane |

**Schäfferot :**

| | |
|---|---|
| M. | DONNERSBACH Alex |

**Service industriel :**

| | |
|---|---|
| M. | KNECHT Sebastien |

**Expert fir d'Bolderstruktur :**

| | |
|---|---|
| Mme | SCHMIT Carole |
| M. | HOFFMANN Jay |

## <u>DAGESUERDNUNG:</u>

### A) **Visite vun der Spillplaz an der Cité J.F. Kennedy**

Dës Spillplaz soll opgewäert / verjéngt ginn. Se soll änlech wéi d'Spillplaz an der X Oktoberstrooss zu enger Themenspillplaz ginn.
De Sebastien Knecht erkläert, dass een Deel vun de Spiller muss entsuergt gi, well se futti oder ze geféierlech sinn. Déi Spiller a Strukturen, déi nach gutt sinn, ginn an d'Rei gesat a geholl fir op aner Spillplazen nees opzeriichten.
Am Moment ass d'Spillplaz an 2 Deeler opgespléckt. Een Deel wou Spiller fir méi kleng Kanner sinn an een Deel mat Basketkuerf, wou éischter méi grouss Kanner spillen. An der Mëtt ginn et Bänken an och och eng Kiesplaz. D'Spillplaz gëtt wéinst dem Schiet och vill vun enger Crèche a vun der Maison Relais besicht.

No Brainstorming gëtt festgehal, dass d'Opdeelung, een Deel fir méi kleng Kanner, een Deel fir méi grousser soll weiderhi bestoe bleiwen. Dat Ganzt soll getrennt ginn duerch e Sëtzberäich, deen eventuell deels oder ganz iwwerdaacht ka sinn.

Thematiken:

1.Konzept: Waasser / Piraten / Schëff / Waasserspill

An dësem Fall sollt d'Kiesplaz bestoe bleiwe fir e Waasserspill.

2. Konzept: Bauerenhaff / Déieren

3. Konzept: Weltall – Ausserierdesch

An dësem Fall kéint eventuell déi Betonsstruktur aus de 70er Joren, déi soss fortkënnt, bestoe bleiwen a just ëmstrukturéiert an agebonne ginn.

De Vertrieder vum Jugendhaus gëtt ze bedenken, dass et un dezentraliséierte Jugendspillplaze feelt an dass et schued ass, dass déi meescht Spillplazen op 14 Joer limitéiert sinn.

Fir deen Deel, dee fir déi méi grouss Kanner / Jonker virgesinn ass, ass proposéiert ginn: Basketkuerf loossen, just moderniséieren; Foussballterrain dobäi; Beachvolleyball (ass awer wéinst de Nopeschgaërt verworf ginn); Pétanque Terrain.

## B) Sportscampus: Installatioun vun enger Bolderstruktur.

Propose ass, dass eng Bolderstruktur soll um Sportscampus op d'Gréngfläch niewent dem Multisport kommen. Dës Iddi gëtt vu jidderengem begréisst.


D'Carole Schmit an de Jay Hoffmann ginn Erklärungen zu de verschiddene Bolderstrukturen.

Hei ginn et verschidden Orientéierungen, jee no fir wat fir en Alter d'Struktur geduecht ass.

Wann et fir Jonker 12+ geduecht ass, dann ass d'Bréckeform déi populäerst.


Um Buedem ënnert d'Struktur kënnt Sand a Kies, Rindenmulch ass net esou gutt.






De Parcours muss +/- mindestens 3 mol am Joer geännert ginn. Do kann een sech un e Club wende wéi z.B. deen am Pafendall.

Héicht vun esou enger Struktur ass normalerweis maximum 3,5 Meter, eng Iwwerdaachung ass gutt well d'Gréffer besser geschützt sinn a manner séier futti ginn.







## C) **Terrain Multisports**

Den Terrain muss nei gemaach ginn an do stellen sech eng Rei Froen.
Wat kënnt dohin? Bleift et bei Foussball/Basket? Soll de Foussballsterrain verklengert/opgedeelt/gedréint ginn? E Reservatiounssystem aféieren? Eng Kontroll, déi iwwer d'Jugendhaus leeft? Alterslimitten iwwerdenken.
Zréckbehale ginn ass emol:

- Net dréinen an och net substanziell verklengeren, maximal op 2/3, soss ass et fir Jonker ze oninteressant.

- Basket Kierf sollen och bleiwen.
- Alterslimitt soll nees gehuewe ginn.
- Terrain muss nei agekleet gi fir de Kaméidi ze reduzéieren.

Aner Iddien fir de Sportscampus:

- Pingpong Dëscher
- Pétanque Terrain
- Grousst Schachspill

## D) **Night Bus**

Am Moment fiert de Night Bus vun 01h00 bis 03h30 am ½ Stonnentakt.
D'Fro ass, brauche mir niewent engem Bus, deen aus der Stad Richtung Walfer fiert, och e ‚Night' Bus dee Richtung Stad fiert?
Et gëtt festgestallt, dass den ‚11' um 23h00 fir d'lescht Richtung Stad fiert an den ‚111' awer nach um 23h45 an d'Stad féiert. D'Meenung vun der Kommissioun ass, dass dat duergeet a mir keen zousätzlechen ‚Night' Bus Richtung Stad brauchen.

## E) **Divers**

D'Iddi vun enger Fotosafari fir Kanner, wou d'Kanner déi positiv an déi negativ Plazen an der Gemeng kéinten dokumentéieren, an esou weise wéi si d'Gemeng erliewen, ass lancéiert ginn. Dës Iddi ass vum Vertrieder vum Jugendhaus opgegraff ginn. Et wier eng flott Transitiounsaarbecht déi d'Jugendhaus zesumme mat der Maison Relais maache kéint.

Caroline SCHLOESSER

Presidentin

Edmée SCHMIT-STREFF

Sekretärin ff